N°1906
Entrée le 28.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 1906 vum 6. Februar 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer de Locatiounskontrakt vu Servicer tëschent der Sécherheetsfirma Protection Unit an den CFL.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer de Locatiounskontrakt vu Servicer tëschent der Sécherheetsfirma Protection Unit an den CFL.

Konform zu der Gesetzgebung iwwert d'ëffentlech Ausschreiwungen, hunn d'CFL fir d'Attributioun vun dësem Kontrakt een Appell d'Offres lancéiert. Dëse gesäit d'Präsenz vu Sécherheets Equippen op bestëmmte Plazen am Land an u Bord vun den Zich vir. D'CFL kënnen awer keng kommerziell Informatioune, wéi Präisser oder Leeschtunge kommunizéieren.

Esou wéi d'Gesetzgebung vun den ëffentlechen Ausschreiwungen et virgesäit hunn d'CFL fir d'Attributioun vun dësem Kontrakt, ënnert der Referenz 2400273 um Portail vun de Marchés publics an 2024-OJS025-00073888 am offizielle Journal vun der Europäescher Unioun, een Appell d'Offres lancéiert.

Doriwwer eraus war d'Attributioun vum Kontrakt den 30. September 2024, also 4 Méint éier d'Firma Protection Unit beim Geriicht hiren Antrag fir eng geriichtlech Reorganisatioun gestallt huet.

Am Kader vun der Ausschreiwung hunn d'CFL déi finanziell Situatioun vun de Kandidate gepréift. Zu de Critèrë vun der Ausschreiwung huet gehéiert, dass d'Kandidaten eng "Déclaration d'honneur" ofgi wouranner se attestéieren, dass se net an enger Situatioun vun Insolvenz an net Objet vun enger Faillite, Liquidatioun, Ënnerbriechung vun der Aktivitéit, geriichtlecher Reegelung oder präventivem Arrangement oder soss engem änlechen Kontext sinn, deen sech aus enger Prozedur vun der selwechter Zort ergëtt, déi an den nationale Gesetzer a Reglementer virgesinn ass. D'Attestatioune vun der Steierverwaltung an der Sécurité Sociale goufe presentéiert a ware konform.

D'Bilane goufen och presentéiert a mam Kandidat diskutéiert, deen seng finanziell Kapazitéit nogewisen huet fir déi erwaarten Ausféierung vum Kontrakt ze garantéieren.

D'Firma Protection Unit erfëllt weiderhin hire Kontrakt an d'CFL stinn a reegelméissegem Kontakt mat der Entreprise.

D’CFL wäerten d’Entwécklung vun der Situatioun am A behalen a wäerten déi néideg Mesuren huele fir ze verhënnere, dass d’Voyageuren oder d’Personal ënnert der Situatioun leiden.

D‘Rechter vun de Salariéeë sinn duerch d’Bestëmmunge vum Code du travail an dem Kollektivvertrag vum Gardiennage Secteur gereegelt.

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2025

D’Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes